**N° 4350**
Reçue le 25.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.05.2021

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 25. Mee 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro betreffend der sanitärer Situatioun am Sportslycée un d'Madamm Gesondheetsministesch ewéi un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an un den Här Sportsminister weider ze leeden.

D'Schüler aus dem Sportslycée kruten an engem Schreiwes matgedeelt datt säit der Ouschtervakanz 17 Schüler an 1 Enseignant positiv op de Covid-19 getest gi sinn. 5 Klassen wieren an den Zenario 1 gesat ginn, 1 an de Zenario 2 an nach eng aner an de Zenario 3.

Esou wéi et weider aus dem Bréif ervir geet wier d'Origine vun dëser rezenter Hausse vun Ustiechungen mam Covid-19 am Sportslycée, e puer positiv Fäll an enger Sportsdisziplin gewiescht.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Kann d'Regierung matdeelen em wéi eng Sportsdisziplin an em wéi vill Fäll et sech heibäi handelt ?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Nancy Arendt ép. Kemp
Deputéiert

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, vun der Gesondheetsministesch a vum Sportsminister op d'parlamentaresch Fro Nr. 4350 vun der honorabeler Deputéierte Nancy Arendt**

Am Sënn vun der gréisstméiglecher Transparenz informéiert d'Direktioun vum Sportlycée d'Eltere regelméisseg souwuel iwwert déi sanitär Situatioun an der Schoul wéi och iwwert d'Moossnamen, déi vum Educatiounsministère am Kader vun der Covid-Kris geholl gi sinn.

Am Sportlycée goufen tëscht der Ouschtervakanz an der Päischtvakanz 17 Schüler positiv op de Coronavirus getest, dovun 11 an der Period vum 14. op den 21. Mee. Am Courrier un d'Elteren vum 21. Mee 2021, op deen d'Fro vun der honorabeler Deputéiert sech bezitt, ass dës Hausse op eng Rei vu positive Fäll an enger bestëmmter Sportsdisziplin zréckgefouert ginn.

Et huet sech heibai ëm de Basketball gehandelt. Hei goufen et souwuel an der Federatioun wéi och an e puer Veräiner positiv Fäll ënner Trainer a Spiller. Dëst ass net ouni Auswierkungen op de Sportlycée bliwwen, wou et zu folgender Situatioun komm ass:

| Klass | Zuel vu positive Fäll | Impakt op d'Schoul |
|---|---|---|
| 6e classique | 5 | Zenario 3 |
| 6e générale | 2 | Zenario 2 |
| 5e générale | 1 | Zenario 1 |
| 4e classique | 1 | keen Impakt op d'Schoul wéinst dem Enseignement en alternance |
| 4e classique | 2 | keen Impakt op d'Schoul wéinst dem Enseignement en alternance |

Dës Zuele bezéien sech op d'Period tëscht dem 14. an dem 21. Mee 2021. Ausser engem Schüler op der 4e classique an enger Schülerin op der 6e classique huet et sech exklusiv ëm Basketballspiller gehandelt. Insgesamt waren et also 9 Basketballspiller, déi tëscht dem 14.5. an dem 21.5. positiv getest goufen.

An dësem Kontext sief nach op déi gutt Zesummenaarbecht tëscht der Direktioun vum Sportlycée mat der Cellule de coordination vum Educatiounsministère engersäits an, anerersäits, mat der Basketballfederatioun (FLBB) higewisen. Och mat den Eltere gouf et eng effikass an transparent Kommunikatioun.